RAPPORT VUN DER KULTURKOMMISSIOUN VUM 21. MÄERZ 2018

(01/2018)

Präsenzen:

Georges Weyer (President)
Simone Breuer (Sekretärin)
Clode Carbon
Viviane Dondelinger
Noëlle Feidt
Elisabeth Gallinaro
Eliane Irthum
Chantal Pieters
Sabine Wolff.
Guy Medinger fir Josée Altmann
Ricky Goslings fir Joke Van der Schilden
Stefan Kornelis fir Roger Milbers
Pierre Kummer vun der Chorale Ste-Cécile
Josiane Weis vun der Musek

Excuséiert:

Nic Wiot

Dagesuerdnung :

- Presentatioun vun de Membere vun der Kultur- an Tourismuskommissioun
- Austausch vun Iddien fir zukünfteg Aktivitéiten

1. D' Membere vun der Kommissioun hunn sech alleguer kuerz virgestallt.

2. E flotten Austausch vun de Memberen, wou si hir Iddien fir d' Zukunft vun der Kulturkommissioun matgedeelt hunn:

- e Filmowend mat uschléissender Diskussioun
- e flotte Concert
- eng Ausstellung

Et soll och mat de Veräiner zesummegeschafft ginn an och Kontakt mat de Kulturkommissiounen aus de Nopeschgemengen opgeholl ginn.

De President soll beim Schëfferot nofroen, wéi en zukünftegt Zesummeschaffe mam CAW kéint ausgesinn.

3. Op Nofro vun der Mme Josée Altmann (fréier Presidentin vun der Kulturkommissioun) huet d'Kommissioun decidéiert fir d'Suen vun de Bicherdeeg 2016 an 2017 un den Télévie ze spenden (2.300,65 €).

4. D' Kulturkommissioun këmmert sech weider ëm de Bicherschaf. An nächster Zäit gi mir och op Bäreldeng an d' Schoul fir zu kucken wat do vu Bicher läit. D'Organisatioun vum Stand op de Bicherdeeg muss nei iwwerduecht ginn.

De President huet proposéiert fir déi nächst Sëtzungen per Doodle festzeleeën.

President,

Georges Weyer

Sekretärin,

Simone Breuer